Rapport vun eiser Réunioun vum 16. Februar 2017

Présent waren : Simone Frank, Astrid Kontz-Krause, Claude Kontz, Danielle Thiry-Blang, Sophie Dreisbach, Sabine Luxen

Entschëllegt war : Eliane Barthel, Eliane Krier-Scholler, Elvire Olinger-Ferber, Linda Chretien, Anouck Reisdorffer-Wagner, Alexandra Tarantini, Bettina Vogel

Ufank : 19.00 Auer

Bilan comptable à la date du 16.02.2017

- Mir hun 3.440€ vun den Cotisatiounen kritt
- 1741€ Subsides rankritt. Dovun 650€ vum Dag vum Organspenden
- Mir hun folgend Beträg ausginn: 363€ fir Timeren an 726€ fir Enveloppen/Pobéier
- Mir hun folgend Subsiden ginn: 500€ fir den Spos
  250€ fir den Spos (cas exceptionnel)
- Leider ass den Stand vun den Cotisatiounen rof gangen par rapport zum leschten Joer.
- Aus dem Grond mussen mir kucken fir als Elterecomité méi bekannt ze ginn. Ganz vill Idien z.B. eng Säit op dem Site vum LJBM oder och en Bréif mat eisen Aktivitéiten opstellen an verdeelen, sinn op Tapeit komm an mat Secherheet kann een déi eng oder aner Idie realiséieren.

Commission de sécurité

- Bei der Réunion war den Haaptsujet d'Infirmerie. Dodurch well keen Raum zur Verfügung steet, ass et en groussen Problem an et wir gudd wann rem en Raum zur Verfügung giff gestallt ginn.
- Hëllef-Team besteet den Moment aus 4-5 Léit. Mee et ginn nach ëmmer Léit gebraucht. Den 1. Hëllef-Cours ass awer gudd besicht.
- Während den Schoulstonnen soll eng Permanence gemaach ginn. Mee et muss een Responsabelen dobäi sinn z.B. en Prof (steet awer nach op)
- Bilan d'évacuation: ass awer ganz positif ausgefall. Just Dieren waren en Problem an d'Opzielen.
- Den Lycée zu Reiden huet anscheinend do en super Programm, den sech lo eng Delegation vum LJBM ukucken geet.
- Amok-Alarm ass schief gangen. D'Informatiounen sinn net richteg gelaaf an dofir konnt en net richteg emgesaat ginn. Dat muss op alle Fall verbessert ginn.

- Ruffen vun enger Ambulanz : En Schüler därf keng Ambulanz alleng ruffen mee et muss en Responsabelen sinn an et muss och Loge kontaktéiert ginn.

Commission de restauration

- Emmer rem ass Thema: Warteschlangen, mol eng Kéier méi, mol eng Kéier manner.
- Plats végétariens: ass net ëmmer einfach fir den Kach genug Quantitéiten fir jidderen ze kachen. Wann den Végétareschen Plat gudd ass, kann et sinn datt vill Kanner dovun iessen. Dann kann et sinn datt am 2. Service keen mei do ass. Mee dat kann mat all Menu sinn.
- Dann gouf et och eng Diskussion iwwert d'Salz, woubéi den Kach awer sot, datt alles an der Norm gesalzt gett.
- Gudd Sach: Produits régionaux.
- An nach eng gudd Sach: et gett lo och Plat anti gaspi.

Porte Ouverte

- Porte Ouverte am LJBM ass den 13.05.
- Den Elterecomité mescht rem en flotten Stand mat Kuch an Gedrénks

Divers

- Mir haten eng Ufro vun der Mme Christnach fir eng Zort Oper an den Kinneksbond mat den ganzen 7ième kucken ze goen.
- Dodurch datt Kanner näischt sollen bezuelen, kënnen mir als Elterecomité do keen Subside ginn. Mir hun eng Formule op Base vun dem Betrag den Kanner mussen fir en Ausflug bezuelen mat der Unzuel vun den Kanner.
- Mir mussen an dem heiten Fall leider en Avis négatif ofginn.

➢ Nächst Réunioun ass ***Donneschdes den 23.03.2017 um 19.00 Auer***

Enn: 20.30 Auer